DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch weiderzeleeden:

*„D'Unité de Support Psychologique ass am Joer 1997 als Pilotprojet gestart. 2004 krut si eng legal Basis, an de Groupe de Support Psychologique (« GSP ») ass ënnert der Administration des services de secours gegrënnt ginn. Nieft der Betreiung vu Rettungsdéngschter, Affer oder Zeie vun Accidenter, de betraffene Familljen oder concernéierte Persounen, kënnt dës Ekipp och bei grousse Katastrophen an aneren Tëschefäll an den Asaz. Esou zum Beispill 1997 beim Zuchongléck zu Hollerech oder am Joer 2000 bei der Geiselnam an engem Foyer du jour zu Waasserbëlleg. All Persounen déi vun esou Virfäll betraff sinn, gi vum Groupe de Support Psychologique ënnerstëtzt.*

*An deem Kader wëlle mir der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:*

- *Wéi vill Fräiwëlleger sinn den Ament beim Groupe de Support Psychologique engagéiert?*
- *Wéi vill Asätz hat de GSP iwwert déi lescht 5 Joer ?*
- *Sinn d'Ekippe vum GSP och bei de grousse Iwwerschwemmungen vun 2021 zum Asaz komm?*
- *Gi Membere vum GSP agesat fir d'Police an hirer Aarbecht bei de Covid-Manifestatiounen ze ënnerstëtzen?*
- *Huet d'Covid Kris d'Demande fir Hëllef duerch de GSP ze kréien verstäerkt?*
- *Gëtt de GSP och vu Privatleit kontaktéiert, oder gëtt de Groupe prinzipiell iwwer d'Servicer vum CGDIS organiséiert?"*

Mat déiwem Respekt,

Claude LAMBERTY
Deputéierten

Max HAHN
Deputéierten